


# POLLY MORBID 3:

## The Adventures of Omi!

D'Omi huet souwisou iwwerhaapt nach net wëlles ze stierwen. Si ass ëmmer parat. Dofir schléift si nuets mat de Schong un. Fréier huet si ni geschlof, héchstens emol am Stoe genäipt, prett fir fortzelafen, wann se kéimen.



PASS OP,  
WANN SÉ  
KOMMEN!  
huet et fréier  
geheesch.



D'Omi erënnert sech u jiddwereen dee komm ass: d'Preisen an d'Amerikaner an d'Russen an d'Tatta Rosalie mat hirem Karl-Heinz vu Köln-Ehrenfeld. Dat ware bal déi Schlëmmst, de Karl-Heinz hat a Polen e Bee verluer an nuets huet hien der Omi op der Sich dono d'ganzt Haus op d'Kopp gehäit. Hien huet sech u säi Been erënnert, sou wéi wann et nach do wier, a säi Been och un hien. Et louch a Polen am Buedem an huet vun doheem gedreemt. An deem Feld sinn nëmme Gropere mat omelettsfaarwegen Zéiwenneel gewuess.

Dofir raumt d'Omi och ni hir Kummer, wann den Dokter si ustellt. Firwat soll d'Omi Uerdnung halen, wa ganz Generationen iwwer de Kontinent verstreet gi wéi Pudderzocker? An elo sinn se alleguer dout, d'Preisen, d'Amerikaner, d'Russen an d'Famill aus Köln-Ehrenfeld, just d'Omi leeft nach.

Der Omi hiren alen Toaster war och polymorbid. Do hatten se beim Rausch zu Péiteng de Kapp gerëselt a gesot: Dat rentéiert sech net méi, deen ze flécken an d'Garantie war och schonn ofgelaf.

NÄISCHT HÄLT ÉIWEG,  
sot de Mann vum Rausch  
AUSSER  
PLASTIKSSCHALLIMOEN.



Mee d'Omi kann dach deen Toaster net ewechginn, deen huet d'Preisen iwwerlieft an d'Russen an d'Amerikaner an d'Tatta Rosalie mam Karl-Heinz aus Köln-Ehrenfeld. Wann d'Omi wierklech géif drop bestoen, net ze stierwen, da misst si e bëssen Eegeverantwortung huelen. Well déi aner Leit kënnen si jo awer net a Watt paken, **JUST WELL SI AL, VUNERABEL & POLYMORBID ASS!**

A Watt net, denkt d'Omi, mee villäicht an Tupperware. Dofir geet d'Omi op Péiteng bei den Hoffmann-Spill eng maansgrouss Tupperwaresdous kafen, oder besser zwou, eng fir sech an eng fir den Här Schäfer. Do klammen si dann dra wéi de Superman a seng Telefonskabinn an da kann den Himmel si muschelen.

